


NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

7/2009

Virwuert

## Léiw Frënn vum Comité Alstad,



Viru kuerzem hu mir ons jährlech Generalversammlung ofgehal, dat ass jo den Ufank vum Comité Alstad sengem Arbechtsjoer.

Ech wëll iech kuerz hei matdelen wat mir esou fir dëst Joer um Programm hun.

Opmierksam mache mer iech fir d'éischt op ons Ouschterausstellung am 'Konschthaus Beim Engel' vum 8. bis de 26. Abrëll 2009. Et as eng Austellung mat Tableauën vum Sergio Di Paoli mam Thema "Meng Stad".

An dann as Ouschterméindeg, déi 182. Éimaischen an onser Alstad. Onsen Objet as dest Joer den 8. Bas-Relief, den "Dachs" aus der Serie "De Fuss am Frack an a Maansgréisst". An och dëst Joer deen 3. Peckvillchen (an enger begrenzter Oplo vun nëmmen 100 Stéck), entworf vun onsem Member Sergio Di Paoli an hiergestallt an der Keramikfabrik vun den autistesch Behënnerten zu Esch-Uelzecht.

Eng ganz flott Sach gët onsen "4. Aulebäckermaart ronderëm de Palais", Samschdës den 11. Juli 2009.

Ons Chrëschdagseditioun gët e Kalenner fir d'Joer 2010 mat schéine faarwege Fotoën vun der Alstad, fotograféiert vum Carlo Didier deen dat lescht Joer bei ons ausgestalt hat. Mir probéieren och en neie Wee anzeschlon a proposéieren iech fir d' Feierdeeg vum Joeresenn en Käerz an engem Glas mat engem Motiv vun der Alstad.

Mir schaffe weider un onsem Fotoarchiv dee mir dann och géint Joeresenn all onse Membren a Frënn zougänglech man.

An e wéineg méi weit gekuckt steet um Programm fir Ouschteren 2010 "De Messias" vum G. F. Haendel a lëtzebuerger Sprooch, dat als 'musikalische Nachlese' vum Haendel-Joer 2009. A mir sin derbei eng Ausstellung ze plangen : "Trésors d'Europe", déi ons 27 UNESCO-Siten aus Länner vun der Europäescher Unioun méi no soll brengen.

Dier gesit, d'Arbecht geet ons nët aus.

– Also bis geschwënn op der Éimaischen um Fëschmaart.

Jean-Mathias GOERENS
*President*

## OPRUFF

Mir sinn derbäi fir e Fotoarchiv opzebauen, a mir wiere ganz frou, wa mir dobäi kéinten op Är Mathëllef zielen.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun onser Alstad. Dat kënnen Architekturfotoë sinn oder vu kulturelle Manifestatiounen, natierlech och vun der Éimaischen. Et kënnen och Fotoë si vu sportlechen Evenementer (déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn) oder Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hieren Aktivitéiten. Och si mir natierlech intresséiert u Fotoë vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher (Prozessiounen, Kommunioun asw.) oder Fotoë vu Persounen, déi z.B. um Fëschmaart gelieft hunn. Je, mir sichen all Zort vu Fotoën, déi mam Fëschmaart an onser Alstad ze dinn hunn.

Wann Dir sollt esou Fotoën hunn, wiere mir ganz frou, wann Dir ons déi géift zur Verfügung stellen, fir datt mir dovu kënnen eng Copie machen. Et versteet sech vum selwen, datt Är Originaler mat der gréisst méiglecher Suergfalt behandelt ginn, an datt Dir se onbeschiedegt zréck kritt.

Wann Dir ons hëllefe kënnt, oder wann Dir weider Informatioune braucht, da rufft ons einfach un, um Telefon 46 61 88.

Vun dëser Plaz elo schons e ganz grousse MERCI fir Är Mathëllef an Är Ënnerstëtzung.

**Sëtz:** 1 Logegaass um Fëschmaart
**Postadress:**
Postkëscht 1325 • L-1945 Lëtzebuerg
**Telefon:** 46 61 88 • Fax: 40 97 50
**E-mail:** comite.alstad@pt.lu
**Internet:** www.comitealstad.lu

## 3. PÉCKVILLCHEN
## vum Comité Alstad



Nom groussen Erfolleg vun onsen zwee éischte Péckvillercher op der Éimaischen 2007an 2008, kënnt dëst Joer den drëtte Péckvillche vum Comité Alstad eraus. Den Entworf vum Péckvillchen, an de Faarwe vun onsem Logo, blo an orange, staamt aus der Hand vun onsem Member Serge Di Paoli. Grad wéi d' Péckvillecher 2007 an 2008, ass och dee vun dësem Joer an der Keramikfabrik vun Esch-Uelzecht, vun autistesch Behënnerten Matmënschen, ënnert der Leedung vum Peter Stein, realiséiert ginn. Och dëst Joer hu mir eng begrenzten Oplo vun nëmmen 100 Stéck, mat signéiertem Zertifikat vum Artist a mat dem Logo "Made in Luxembourg".

De Péckvillche kann ee vun elo u bis den 10. Abrëll 2009 beim Comité Alstad bestellen, duerch Iwwerweise vu 25 € pro Stéck, op ee vun onse Konten:

| | |
|---|---|
| **BGL:** | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |
| **Spuerkeess:** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck:** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |

*Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Péckvillchen Ouschterméindeg op der Éimaischen um Stand vum Comité Alstad (hannert dem Palais) vun 09:00 bis 12:00 Auer. Wie säi bestallte Péckvillchen net op der Éimaischen kann ofhuelen, kann e siche kommen an d'Galerie „Konschthaus Beim Engel op N°1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 14. Abrëll bis den 1. Mee 2009, all Dag ausser Méindes, vun 10.00 – 12.00 Auer a vun 13:30 – 18:30 Auer.*

Vun dëser Plaz aus, vill Freed mat Äerem Péckvillchen 2009 vum Comité Alstad.

## 8. BAS-RELIEF « DEN DACHS »

Den Dachs gouf schéin empfaangen, säi Monnonk leckt em d'Maul, a Fra a Kanner ware mat Schnoffelen och net faul (Véierte Gesank).

Et sinn elo schon 8 Joer hier, datt d'Kënschtlerin Yvette Gastauer den 1.te Präis gewonnen huet, beim Concours, deen de Comité Alstad organiséiert hat, a bei dem et drëms gaang ass, fir Figuren aus dem Michel Rodange sengem Renert z'entwerfen an ze modeléiren. De Comité Alstad huet deemols d'Initiative ergraff fir doraus eng Serie ze man, déi all Joer fir d'Éimaischen an de Verkaf kënnt. 2002 ass et ugaang mat dem Bas-relief vum Renert. An du koum Joer fir Joer eng aner Figur eraus, dat woren: de Bier, de Wollef, de Léif, den Hond den Hues an dat lescht Joer wor et de Kueder.


Elo, fir déi dësjähreg Éimaischen, ass et um Dachs, der zweetleschter Figur. De Bas-relief vum Dachs kann ee vun elo u bis den 10. Abrëll 2009 beim Comité Alstad bestellen duerch Iwwerweisen vu 40 € pro Stéck op ee vun onse Konten:

| | |
|---|---|
| **BGL:** | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |
| **Spuerkeess:** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck:** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Bas-relief vum Dachs Ouschterméindeg op der Éimaischen um Stand vum Comité Alstad (hannert dem Palais) vun 09:00 bis 12:00 Auer.

Wiën net op d'Éimaischen ka kommen, däerf de bestallten Dachs ofhuelen an der Galerie „Konschthaus Beim Engel op N°1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 14. Mäerz bis den 1. Mee 2009, all Dag, vun 10.00 – 12.00 Auer a vun 13:30 – 18:30 Auer, ausser Méindes.






## D'PORKIERCH SANKT MÉCHEL

### En DVD iwert Porkierch um Fëschmaart

D'Porkierch Sankt Méchel zielt zwar net zu deene monumentalste Bauwierker vu Lëtzebuerg, gehéiert awer zu deenen eelsten architektoneschen Zeien vun der Lëtzebuerger Kierchegeschicht. Dacks duerch Krich, Feier an Ëmbau zerstéiert, gouf se ëmmer erëm nei opgeriicht, an esou stellt d'Kierch haut en eenheetlecht Gebai duer.

D' Urspréng vun der Sankt Méchelskierch um Fëschmaart gi bis an dat 10. Joerhonnert zréck. Et ass domat déi eelste Kierch vun der Stadt Lëtzebuerg. Si steet um Fëschmaart am Häerz vun der Alstad. Si dépasséiert déi al Wall- a Festungsmaueren, déi haut op der Unesco-Lëscht stinn. Säit dem 27. Mee 1963 ass d'Méchelskierch och als nationalt Monument klasséiert.

Ronderëm d'Kierch mat hirem markante Klackentuerm huet sech am Laf vun de Joerhonnerten dat kulturellt, economescht a sozialt Liewe vun der Stad Lëtzebuerg entwéckelt. Nach haut gehéieren zur Por Sankt Méchel de Groussherzogleche Palais, d'Chamber, an de Staatsrot.

Am Mëttelalter sinn hei vill Brudderschaften entstaan, déi an der Méchelskierch hire Sëtz haten. D'Membere vun den Zonften hu sech an der Kierch versammelt fir ze bieden an d'Mëss ze feieren. Och haut nach komme féierend Perséinlechkeete vum öffentleche Liewen heihin, fir sech fir hir Aufgaben de Schutz vum Himmel ze froen.

De Comité Alstad a.s.b.l., an Zesummenaarbecht mam Ciné-Vidéo Flash Roeserbann, huet en Dokumentarfilm iwwert d'Méchelskierch realiséiert, dee mir Iech elo als DVD kënnen ubidden. Theme vum Film sinn d'Geschicht, d'Architektur, de Mobilier, d'reliéis Konscht an d'Kierchefënsteren.

Bis den 10. Abrëll 2009 kann een den DVD zum Präis vu 15 € (pro Film) beim Comité Alstad bestellen, duerch Iwwerweise vun der entspriechender Zomm op ee vun onse Konten

| | |
|---|---|
| **BGL:** | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |
| **Spuerkeess:** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck:** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelten DVD "Anno Domini 987" Ouschterméindeg op der Éimaischen um Stand vum Comité Alstad (hannert dem Palais) vun 09:00 bis 12:00 Auer. Wie säi bestallten DVD net op der Éimaischen kann ofhuelen, kann e siche kommen an d'Galerie „Konschthaus Beim Engel op N°1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 14. Abrëll bis den 1. Mee 2009, all Dag ausser Méindes, vun 10.00 – 12.00 Auer a vun 13:30 – 18:30 Auer.

Et sief nach ze bemierken, dat een den DVD mat lëtzebuergeschem, däitschem, franzéischem oder mat engleschem Commentaire kucke kann.





## « MENG STAD LËTZEBUERG »

### D'Stad Lëtzebuerg esou wéi de Sergio Di Paoli se gesäit.

Vum **8. BIS 26. ABRËLL 2009** kann een op Initiative vum Comité Alstad eng ganz flott Ausstellung ënnert dem Motto « Meng Stad Lëtzebuerg » am « Konschthaus Beim Engel», op N° 1 an der Logegass um Fëschmaart gesinn. De Kënschtler Sergio Di Paoli, vu Beruff geléierten Typograph, säit 2004 Member vum Comité Alstad an zanter 2005 och zoustänneg fir d'Finanzen vun onsem Comité, weist iech op enger Rei vun Tableauën seng Stad Lëtzebuerg, esou wéi hie se gesäit.

De Prof. Dr. A. D. Boeminghaus, President vun der «Europäische Vereinigung Bildener Künstler » seet vum Sergio senge Biller, Zitat: *« Auf den ersten Blick glaubt man die Stadt wiederzuerkennen, es ist der Ort, an dem der Künstler Sergio Di Paoli lebt und arbeitet, Luxemburg. Er liebt diese Stadt, das sieht man auch sofort. In den Bildern benutzt er die Fotografie als Vorlage. So, als wollte er jeden Irrtum ausschliessen, es könnte auch ein anderer Ort, eine fremde Stadt gemeint sein. Dann geht er aber hin, versetzt dies objektive Bild vielfach, wählt offenbar willkürlich Ausschnitte aus und malt sie weitgehend zu ».* Weider seet de Prof. Dr. A. D. Boeminghaus : *«Diese Bilder gefallen, sie sagen zu, sie leben, sie weben an einem neuen Bild, bei dem das alte offenbar nur der Ausgangspunkt ist. Man kann auch herauslesen, dass das Original, so wie es sich heute darbietet, den Maler nicht befriedigt und einer Ergänzung, einer Verbesserung bedarf».*

Keramik passt jo och an d' Zäit vun Ouschteren, respektiv vun der Éimaischen. Wann een dann duerch d'Ausstellung trëppelt, sech dem Sergio seng Biller vun der Stad ukuckt, kann ee sech dann och nach ganz flott Keramiken ukucken, déi an der Keramikfabrik zu Esch-Uelzecht réaliséiert goufen, an déi ganz gutt an dës Ausstellung passen.

**D'Ausstellung "Meng Stad Lëtzebuerg" an der Galerie Konschthaus Beim Engel op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart ass all Dag op vu muerjes 10:00 – 12:00 an nomëttes vun 13:00 bis 19:00, ausser Méindes. Eng Ausnahm gëtt et awer: Ouschterméindeg, den Dag vun der Éimaischen ass d'Galerie zu de gewinnten Zäiten op.**

# RONDERÖM DE FËSCHMAART

## GESCHICHT A GESCHICHTERCHER AUS DER ALER STAD (7)

ZESUMMENGESTALLT VUM CLAUDE ESCH
D'FOTOËN SI VUM SERGE DI PAOLI

Weider op onsem Tréppeltour duerch d'Alstad béie mer elo no lénks an „d'Kasinosgaass" eran. Am Haus Nummer 12 vun dëser Strooss wore bis Mëtt 2008 d'Büroë vun der Justice. 1958 gouf de fréieren Hôtel vun der Famill Neunhäuser ofgerappt an duerch e fën-nefstäckegen, ellene Building ersat. An de nächste Joere wäerten och an dësem Gebai, ënnert der Leedung vum Fonds de Rénovation de la Vieille Ville,gréisser Renovatiounsaarbechten an Ugréff geholl ginn. Hei wäert e flotten Ensembel vu Geschäfter a Wunnengen entston. Et sief awer och nach drun erënnert, datt de Geselleveräin, dee vum Deche Bernard Haal gegrënnt gouf, hei säi Sëtz hat. Um Eck vun der Kasinosgaass an der Groussgaass ass d'Mouerenapdikt. Déi zwee Mouerë lénks a riets vun der Aganksdier sinn d'Wierk vum Léon Nosbusch, dee joere-laang fir de Comité Alstad geschafft huet.

E puer Meter weider an der Groussgaass no lénks sti mer „Am Dierfchen". Am 16te, 17ten an ufanks vum 18te Joerhonnert gouf dëse Komplex „Acht" genannt. En Ensembel vu modesten Haiser wou virun allem Handwierker a Geschäftsleit gewunnt hunn. An dësen Ensembel gouf „Dierfchen" genannt. Haut e gudd Beispill vun enger gelongener Restauratioun. E grousse Verdéngscht fir dës schéi Renovatioun muss een dem Här Antoine Wehenkel zouerkennen. Ouni säin oner-middlechen Asaz wier dës Aarbecht net méiglech gewiescht.

Nodeem mer ons elo d'Dierfchen ugekuckt hunn, gi mer weider an „Geriichtsstrooss". D'Geriichtsgebai, dat der Strooss hiren Numm ginn huet, gouf am Joer 1565 vum Grof P.E. Mansfeld als Gouverneurspalais ageriicht. D'Fassad gouf 1843 erneiert. Op der Südsäit gesäit een nach Fënstersteng aus dem 16te Joerhonnert. Eng Plaque un der Mauer erënnert un de Feldmarschall Bender, dee leschten éisträichesche Festungskommandant, deen hei gewunnt huet an deen an de Joeren 1794/1795 d'Stad géint d'Fransouse verdeedegt huet. Am Gaart vun der Récksäit goufe schonn oft eise Kanounekugele fond (déi lescht am Joer 1931) déi haut an onsem Nationalmusée ze gesi sinn. No ville Joeren huet elo d'Geriicht am Summer 2008 d'Alstad verlooss, fir sech an der neier Cité Judiciaire néierzeloossen. An de nächste Joeren wärt och dat alt Geriichtsgebai komplett renovéiert ginn an eng nei Bestëmmung fannen.

Wa mer virum ale Geriichtsgebai stinn, a no riets kucken, féiert ons eng schm-uel Gässelchen, et ass d'Mënzegaass, an d'Fleeschiergaass. Vu 1578 bis 1620 wor hei mat Bestëmmtheet eng Mënzwierkstat. Aus der Mënzegaass eraus fällt ons direkt d'Fassad op vun der fréier-er „Schwanenapdikt". D'Fënstergitteren aus fer-forgé um 2ten an um 3te Stack kommen aus dem fréieren Zonfthaus vun de Kréimer an Händler aus der Logegaass. D'Haiser 14-16 hu 1794 dem Tubakshändler Nicolas Samson gehéiert. Intressant ass déi ikonografesch Grupp vum hellege Christophorus, déi wuel bis an d'16. Joerhonnert zréck geet. Och fanne mer iwwert der Entréesdier nach eng Kéier e Peschtkräiz. Dat lescht Haus um Eck lénks vun der Fleeschiergaass huet am Ufank vum 17te Joerhonnert dem Antoine Blanchart gehéiert. Mëtt vum 18te Joerhonnert ass d'Haus an de Besëtz vun der Famill Pescatore komm.

Am 14te Joerhonnert wor hei d'Salzlager vun der Stad. Vis-à-vis sinn d'Büroë vum Maréchalat de la Cour.

D'Haus Nummer 1 vun der fréierer Méchelsstrooss, déi heiteg rue Sigefroi, ass bekannt ënnert dem Numm „ Gëlle Klack". T'ass unzehuelen, datt dëst Gebai aus e puer Haiser zesummegesat gouf. Un der Fassad kënne mer d'Joreszuel 1736 liesen. An haut, ënnert der Responsabilitéit vum Alstad Fong gouf de Komplex renovéiert, an t'ass elo e schéine klengen Hotel dran ënnerbruecht. Op der rietser Säit, géintiwwer vun der Gëlle Klack, ass dat fréiert Haus Wurth-Paquet oder och bekannt ënnert dem Numm „d'Haus mat der Héiger Traap". De Jurist François-Xavier Wurth-Paquet, gebuer 1801 zu Lëtzebuerg wor den éis-chten, deen honnerte vun Dokumenter iwwer d'Lëtzebuerger Geschicht zesumme gedroen an och analyséiert huet. Hien huet domat de Grondsteen ageluecht fir d'Fuerschung vun onser Lëtzebuerger Geschicht. E gëllt als de Papp vun der Lëtzebuerger Geschicht. Hie wor et och, dee sengem Neveu, dem Paul Wurth-Majerus, dem Grënner vun de Paul Wurth Wierker zu Hollerech, säin Intressi erwächt huet fir d'Lëtzebuerger Geschicht. Och hien huet vill geschriwwen iwwert ons Geschicht, esou ënner aner-em dat bekannst Wierk „Novum Forum". No laangem, onermiddlechem Schaffen ass de François-Xavier Wurth-Paquet hei a sengem Haus um Fëschmaart de 4. Februar 1885 gestuerwen. Op Initiative vum Comité Alstad gouf bei Geleegenheet vum 200. Gebuertsdag vum François-Xavier Wurth –Paquet un der Fassade vum Haus eng Erënnerongsplaque ubruecht.

**Weider op onsem Tréppeltour geet ëtt an den ALSTADNEWS 8**

**Quell: Die Altstadt Luxemburg, Tony Kellen, 1939**



